**UNIO'N VUN DE LETZEBUERGER RESISTENZLER,**
**UNION DES MOUVEMENTS DE RESISTANCE LUXEMBOURGEOIS.**
Sëtz: Lëtzebuerg, 110, avenue Gaston Diderich.

—

D'UNIO'N VUN DE LETZEBUERGER RESISTENZLER as entstanen äus der UNIO'N, déi den 23. Mäerz 1944 vun de Resistenzorganisatiounen L.F.B. - L.P.L. - L.R.L. an L.V.L gegrënnt gouf; si gët an dësem Statut ëmmer «UNIO'N» genannt.

## I. Sëtz, Dauer, Mêmberzuel a legal Basis

**Art. 1.** De Sëtz vun der UNIO'N as zu Lëtzebuerg, kann awer duerch d'Decisioun vun der Generolversammlong an eng aner Uertschaft verluegt gin. D'Dauer vun der Associatioun as onbegrenzt. Hir Mêmberzuel duerf net ënner 15 goen. D'legal Basis vun der UNIO'N as d'«loi modifiée» vum 21.04.1928 «sur les associations et fondations sans but lucratif».

## II. But

**Art. 2.** D'UNIO'N bezweckt:

a) derzou bäizedroën, all Aspekter vun der activer Resistenz äus de schwéieren an tragesche Joëren 1940-1945 lieweg ze halen;

b) d'Erënnerong un d'Activitéiten an d'Actioune vun de Fraën a Männer vun deemols, hir Suergen, Leed an Affer hiren Nokommen a spéidere Generatioune matzedeelen an ze erhalen;

c) bereet ze sin ze agéieren wann d'Situatioun et verlaangt, an dofir net ze zécken fir adequat ze intervenéieren, all Kéier wann den Nationalcomité fënnt, datt et néideg as.

Dës Ziler sollen erreecht gin ënner anerem duerch:

- Agéieren am Intérêt vum Wuel a vun der Komrodschaft vun hire Mêmberen;
- Deelhuelen un de patriotesche Feieren;
- Kontakter mat der internationaler Resistenz;
- Erhale vun hiren Archive fir den nationalen Documentatiounscenter vun der Resistenz.

## III. Mêmberschaaft

**Art. 3.** Mêmber vun der UNIO'N kënne gin:

a) déi virum 1. Juni 1944 vereedegt Mêmberen vun L.P.L., L.V.L., L.F.B. an L.R.L.;

b) d'Mêmbere vun anere Resistenzorganisatiounen, déi virum 1. Juni 1944 organiséiert woren;

c) d'Familjemêmbere vu Resistenzler;

d) all aner Patrioten, déi dem Programm vun der UNIO'N voll a ganz zoustëmmen an déi eng Demande beim Nationalcomité areechen.

**Art. 4.** All Mêmber bezilt eng Cotisatioun, déi vun der Generolversammlong, op Propositioun vum Nationalcomité, festgeluegt gët.

**Art. 5.** All Mêmber, deen de patrioteschen a moraleschen Ufuerderonge vun der UNIO'N nët entsprécht, oder séng Cotisatioun net bezilt, oder soss en Akt setzt, deen dem gudde Ruff vun der UNIO'N Schued bréngt oder brénge kann, gët vum Nationalcomité, nodeems de Mêmber ugehéiert gin as, vun der Mêmberslëscht gestrach.

**Art. 6.** Bei der Demissioun oder beim Äusschloss verléiert de Mêmber all Recht op d'Fonge vun der UNIO'N.

**IV. Gestioun an Administratioun D'Generolversammlong - den Nationalcomité**

1. D'Generolversammlong.

**Art. 7.** Déi iewescht Instanz vun der UNIO'N as d'Generolversammlong, déi op d'mannst eemol am Joër ofgehale gët. D'Generolversammlong kann och zesummegeruff gin, wann den Nationalcomité et fir néideg fënnt. D'Invitatioun muss wéinestens 14 Deeg viräus verschéckt gin.

**Art. 8.** Jidfer Mêmber huet d'Recht, un der Generolversammlong deelzehuelen oder sech duerch Procuratioun vertrieden ze loossen.

**Art. 9.** D'Generolversammlong kritt ënnerbreed:

a) de moralesche Rapport vum President;

b) den Aktivitéitsrapport vum Generolsecretär;

c) de finanzielle Rapport vum Generoltresorier;

a gët hiren Avis doriwwer of.

Si leet och, op Propositioun vum Nationalcomité, den Actiounsprogramm fir d'lafend Joër fest, an entscheed iwer all prinzipiell Froën.

**Art. 10.** Vun der Generolversammlong gin all 5 Joër 15 Mêmberen an den Nationalcomité gewielt. D'Kandidature fir dës Mêmbere mussen 10 Deeg virun der Generolversammlong am Secretariat vun der UNIO'N agelaf sin.

**Art. 11.** D'Generolversammlong bestëmmt 2 Keesrevisoren, déi d'finanziell Gestioun vun der UNIO'N iwerwaachen an der Generolversammlong d'Approbatioun vum Generoltresorier séngem Rapport virschloen oder e refuséieren.

2. Den Nationalcomité.

**Art. 12.** Den Nationalcomité besteet:

a) äus dene 15 vun der Generolversammlong gewielte Mêmberen;

b) äus maximal 5 cooptéierte Mêmberen.

**Art. 13.** Den Nationalcomité wielt aus sénger Mëtt, fir d'Dauer vu séngem Mandat, de President, de Vizepresident, de Generolsecretär an de Generoltresorier.

**Art. 14.** Den Nationalcomité as mat der Leedong vun der UNIO'N befaasst. Hie gët all Kéier zesummegeruff wann et néideg as, awer wéinestens dräimol am Joër, an deliberéiert gëlteg, wann op d'mannst 5 Mêmberen do sin. Et kann ee sech och duerch Procuratioun vun engem anere Mêmber vum Nationalcomité vertriede loossen.

**Art. 15.** Den Nationalcomité huet all Pouvoiren, déi nët statutegeméiss der Generolversammlong reservéiert sin. En huet a séngen Attributiounen ënner anerem d'Admissioun vun neie Mêmberen.

**Art. 16.** D'Rappore vum Nationalcomité gi schrëftlech niddergeluegt a mussen ënnerschriwwe gin vum Sëtzungs-president a vum Secretär.

**Art. 17.** Wann e Mêmber äus dem Nationalcomité äus irgend engem Grond äusscheed, gët hien ersat duerch den éischten Ersatzkandidat.

3. Bestëmmung iwer d'Chargen.

**Art. 18.** D'Chargë vum President, Vizepresident, Generolsecretär a Generoltresorier sin Eierechargen.

4. Statutenännerong.

**Art. 19.** D'Generolversammlong, siew et eng uerdentlech, siew et eng äusseruerdentlech, befënnt iwer d'Statutenänneronge. All Statutenännerong muss um Ordre du Jour vun der Generolversammlong stoen, an as ugeholl, wann 2/3 vun de Mêmberen do sin, an 2/3 dovun sech derfir äusgesprach hun. Texter fir Statutenännerong mussen 10 Deeg voll virun der Generolversammlong am Bureau vun der UNIO'N agelaf sin, anerefalls si nët op den Ordre du Jour gesat gin.

**Art. 20.** Wann 2/3 vun de Mêmberen op der éischter Generolversammlong nët do woren, gët an de gesetzléchen Termäiner eng zweet Generolversammlong aberuff. Statutenänneronge sin dann ugeholl, wann 2/3 vun de prësente Mêmbere sech derfir äusgesprach hun.

5. Opléisong.

**Art. 21.** D'Opléisong vun der UNIO'N kann nëmmen ënner de Conditiounen, déi fir d'Statutenännerong virgesi sin, virgeholl gin.

No dem Artikel 1 as d'UNIO'N automatesch opgeléist, wann d'Zuel vun de Mêmberen ënner 15 läit.

D'Generolversammlong, déi d'Opléisong decidéiert oder feststellt, designéiert een oder méi Liquidateuren a setzt hir Pouvoire fest. Den Actif nett vun der UNIO'N gët der nationaler Fondatioun vun der Resistenz (FONARES) iwerwisen.

Lëtzebuerg, de 6. November 1997.

C. Pescatore *President* J. Osch *Secretär*

Enregistré à Luxembourg, le 3 février 1998, vol. 502, fol. 71, case 12. – Reçu 500 francs.

*Le Receveur* (signé): J. Muller.

(06281/000/99) Déposé au registre de commerce et des sociétés de Luxembourg, le 4 février 1998.